

Viviane Briscolini

KËNSCHTLERATELIEREN

An dëser Rubrik presentéiere mir Iech d'Kënschtlerinnen a Kënschtler, déi vun der Stad Déifferdeng en Atelier lounen. Dës Kéier stelle mer d'Molerin Viviane Briscolini vir.

D'Viviane Briscolini huet italieenesch Originellen an ass 1956 zu Esch-Uelzecht gebuer. 2015 huet si ugefaangen, Biller vum Mier ze molen, well si fasziniert vun de Wellen, de Mierer an Ozeanen ass. D'Waasser ass en Element mat Liichter a Kontraster, dat stänneg a Bewegung ass.

An hirer Konscht gesäit een d'Spontanéitéit an de Gest, d'Molerin schafft mat vill Mass a Struktur a geet duerno méi an d'Detailer vun der Kompositioun eran. Si schafft gär mat Spachtel, Pinsel a mat den Hänn – sou gëtt si de Biller hir eegen expressiv Handschrëft.



Zur Konscht ass si duerch hire Grousspapp komm, deem seng kreativ geschafene Objete si ëmmer bewonnert huet. Als Kand huet si gär an d'Poesiebicher vu Frënn gemoolt a Collagë gemaach. Spéider huet si da verschidden Ateliere besicht: Kulturkrees mam Lidia Markiewicz, École d'Art Contemporain, École d'Art privée, Molstudio Ery Ersfeld, Académie des Beaux-Arts de Trèves.

Wann ee bis am Schaffen

ass, dann ass een a

senger eegener Welt.

Zënter 2011 lount si en Atelier vun der Stad Déifferdeng. Dat war fir si ganz wichteg, fir méi Rou an Inspiratioun ze fannen. Si huet kee richtegt Ritual, fir hir Toile ze preparéieren, lauschtert awer gär Musek am Atelier a wa si schafft, ass si an hirer ganz eegener Welt.

Motiver fënnt d'Kënschtlerin an hire ville Vakanzefotoen, virun allem vum Atlantik. Ier si ufänkt ze molen, deelt si d'Bild an an zeechent d'Motiv mat e puer Linne vir. Duerno gëtt d'Faarf verdeelt.



Haut moolt d'Viviane Briscolini am léifste mat Acryl a Marmormiel an zitt duerno en Transparentlack iwwer d'Biller. Virdrun huet si och mat Uelegfaarf gemoolt, déi awer méi laang brauch fir ze dréchnen.



© Foto: Privat

Ausstellungen

2020 an 2023 huet d'Kënschtlerin bei der FuelBox matgemaach, woufir si ganz dankbar ass. Si ass gär bei Gemeinschaftsausstellungen dobäi. 2024 stinn deemno eng Rei Expositiounen un, ë. a. Konscht am Minett, de Salon Minerva zu Maizières-lès-Metz, d'Expo Les Artistes résidents am H₂O an eng Ausstellung an der Maison de la Culture A Rousen zu Péiteng. Donieft ass si Komiteesmember vum Konscht am Gronn, dee vu Mee bis Oktober all éischte Sonndeg am Mount stattfënnt. Ausserdeem ass si 2024 als Jurysmember bei der Jugendkonschtwoch dobäi.

KONTAKT

Viviane Briscolini
58, Grand-rue
L-4575 Differdange
T. 691 439 631
artistvb@pt.lu